# MIR SINN ANTIGASPI,
# AN DIR?




IMS LUXEMBOURG
Inspiring More Sustainability

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Anti gaspi




D'Zil vum Projet „Mir sinn Antigaspi, an Dir?" ass et, d'Kanner, awer och Iech, d'Elteren, fir d'Theema Liewensmëttelverschwendung, lokaalt souwéi biologescht Iessen ze sensibiliséieren.

De Projet ass fir Kanner tëschent 4 an 12 Joer a gëtt zesumme mam Ministère fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau ëmgesat.




Villäicht kennt Dir d'„Ziler fir nothalteg Entwécklung" oder „Sustainable Development Goals – SDG's". Dës Ziler goufen am September 2015 vun alle Memberstaate vun de Vereenten Natiounen ugeholl als e gemeinsame Plang fir Fridden a Wuelstand fir d'Mënschen an de Planéit, souwuel haut wéi och an Zukunft.

Liewensmëttelverschwendung ass en Deel vum Zil 12: nohaltegen Konsum a Produktioun.

D'Zil 12.3 ass et, bis 2030 d'Liewensmëttelverschwendung pro Kapp um Eenzelhandels- a Konsumentenniveau ëm d'Hallschent ze reduzéieren an d'Liewensmëttelverloschter an de Produktiouns- a Versuergungsketten zu verréngeren.

Lokal a biologesch Narungsmëttele falen ënnert d'Zil 14: Liewen am Waasser, an och ënnert d'Zil 15: Liewen u Land.




Mir stellen Iech gären e puer Froen, fir ze kucken, wéi vill Dir scho wësst an Iech eng Aleedung zu den Theeme vum Projet ze ginn.


Déi éischt Fro ass:

Wéi vill vun de Liewensmëttel, déi op der Welt produzéiert ginn, ginn ewechgeheit?

½ vun der Produktioun
⅓ vun der Produktioun
¼ vun der Produktioun

Déi richteg Äntwert ass: ⅓ vun der Produktioun. D'Verschwendung passéiert an allen Etappe vun der Versuergungsketten: beim Produzent, wärend dem Transport, wärend der Veraarbechtung, an de Butteker an doheem.

Prakteschen Tipp:
Setzt d'Froen an e „MentiMeter", fir se méi interaktiv ze gestalten:
https://www.mentimeter.com/




Déi zweet Fro ass:

Wësst Dir, wéi vill Liewensmëttel am Duerchschnëtt pro Persoun a pro Joer zu Lëtzebuerg ewechgeheit ginn?

73 kg
118 kg
136 kg

Déi richteg Äntwert ass 118 kg, laut enger Etüd vun der Ëmweltverwaltung am Joer 2019.

https://environnement.public.lu/fr/offall-ressourcen/types-de-dechets/Biodechets/Gaspillage_alimentaire/Etudes_et_resultats.html




Och d'Käschte vun der Liewensmëttelverschwendung sinn héich: 75.50 € pro Awunner pro Joer. Stellt Iech mol vir, wéi einfach et kéint sinn, Suen ze spueren.




Déi drëtt Fro ass:

Wou gëtt dat meescht lessen ewechgeheit?
An der Produktioun
An der Restauratioun
Am Handel
An den Haushalter

Déi richteg Äntwert ass: an den Haushalter mat 53%. An der Produktioun sinn et 24%, an der Restauratioun 12% an am Handel 11%.

https://antigaspi.lu/erausfuerderungen/




Mir erklären Iech gären, wat eng biologesch a lokal Ernärung ass.

D'Grondiddi ass ganz einfach: ekologesch oder biologesch Landwirtschaft ass näischt anescht wéi d'Produktioun vu landwirtschaftleche Produkter am Aklang mat der Natur.

1. Et gi keng syntheetesch Chemikalie wéi Pestiziden oder Dünger benotzt.
2. Déi biologesch Landwirtschaft berücksichtegt den Déiereschutz. D'Déieren hunn Zougang zu der Aussewelt (Fräiland oder Weeden) a gi besser gefiddert.
3. D'Rotatioun vu Kulture verbessert d'Buedemqualitéit.
4. Geneetesch modifizéiert Organisme wéi manipuléierte Som si selbstverständlech verbueden.
5. Fir de Buedem ze düngen an d'Kulturen ze schützen, benotzt een an der biologescher Landwirtschaft organeschen Dünger wéi Mëscht, Kompost, Leguminosen a Planzenzorten, déi besonnesch resistent géint Krankheete sinn.
6. Och d'Déierefudder kënnt aus ekologescher Produktioun.

https://bio2025.lu/akteure-und-label-in-luxemburg/bio-entdecken/




An eng lëscht Fro:

A wat fir enger Joreszäit wiisst de Choufleur zu Lëtzebuerg?

Summer
Wanter
Dat ganzt Joer

Déi richteg Äntwert ass: Summer, a fir ganz genau ze sinn: vu Juni bis September.




1. **Saisonal a lokal Liewensmëttele schounen d'Ëmwelt:** den Ubau vun Uebst a Geméis am Fräien, kuerz Transportweeër mat deementspriechend manner Zäregasemissiounen a verkierzte Lagerzäiten droen zu enger nohalteger Ernärung bäi.
2. **Saisonal a lokal Liewensmëttele sinn net nëmme méi gesond, mee schmaachen och besser:** Well d'Transportweeër immens kuerz sinn, kommen se frësch an zeideg an de Buttek, wat oft fir eng besser Qualitéit suergt. Wien sech e bëssen auskennt a weess, wat wéini zeideg ass, a säi Kafverhalen dorop ofstëmmt, gëtt dacks mat engem aussergewéinleche Geschmaachserliefnes belount. Déi kuerz Weeër wierke sech esouwuel positiv op de Goût wéi och op wäertvoll Inhaltsstoffer wéi Vitaminnen a Mineralstoffer aus!
3. **Antigaspi:** Duerch kuerz Liwwerweeër verdierwe manner Liewensmëttel um Wee an de Buttek. Wann een also regional Produkter keeft, mécht een och eppes géint d'Liewensmëttelverschwendung.
4. **Lokal Produzenten:** Lokal kleng Bauere kënne schwéierlech mat grousse Liewensmëttelkette konkurréieren an déi nämmlecht Variatioun u Produkter ubidden. Trotzdeem gëllt och hei: Ouni d'Bauere keng Liewensmëttelen! Si garantéieren, datt mir Iessen um Dësch hunn an doriwwer eraus verflichten se sech, héich Standarden a puncto Ëmwelt-, Déieren- a Konsumenteschutz anzehalen.

https://regionalsaisonal.lu/lb/regional-saisonal/




Elo presentéiere mir de Projet „Mir sinn Antigaspi, an Dir?“

De Projet beinhalt verschidden Challengen: kollektiv Challengë fir an der Maison Relais ze maachen an individuell Challengë fir doheem mat der Famill ze maachen.

Zum Schluss kritt all Kand en Zertifikat fir si fir hiren Effort ze belounen. An haut sidd Dir op eisem Elterenevenement, wou mir lech de Projet virstellen an déi individuell Challengen erklären.




All Kand huet en Heft mat enger Beschreiwung vun all den Challengë kritt. D’Beschreiwunge sinn op Lëtzebuergesch a Franséisch. Bei all Challenge kann Äert Kand eppes iwwer säin Erliefnes molen oder schreiwen an eng Bewäertung ofginn.




D'kollektiv Challengë fannen an der Maison Relais statt:

1. Spiller iwwer saisonaalt Uebst a Geméis, fir datt d'Kanner léieren, datt net all Uebst a Geméis dat ganzt Joer iwwer zu Lëtzebuerg wiisst.
2. Treffe mat engem lokale Produzent: D'Kanner kënne gesinn, wou hiert Iessen hierkënnt.
3. D'Zesummestelle vun engem Menü weist de Kanner, datt ee verschidde Krittäre beuechte muss, wann e Menü gemaach gëtt. E soll gesond an equilibréiert sinn, mat lokale Produkter.
4. Kach-Workshop: Dës Challenge huet als Zil, de Kanner bäizebréngen op eng „Antigaspi"-Aart-a-Weis ze kachen, andeems si Reschter, lokal a saisonal Produkter benotzen.
5. Analys vu Liewensmëttelverschwendung: d'Liewensmëttelverschwendung no enger Molzecht visualiséieren
6. Bastel-Aktivitéit: D'Kanner bastelen eppes zu (engem vun) dräi Theeme vum Projet: Liewensmëttelverschwendung, lokaalt Iessen a biologescht Iessen.




*Dir kënnt Fotoe vun de kollektiven Challengen an dëse Slide drasetzen. Wann déi kollektiv Challengen nach net gemaach goufen, da kënnt Dir dëse Slide läschen.*




Déi individuell Challengë sollen doheem mat der Famill gemaach ginn. E Guide mat méi Detailer iwwer déi individuell Challengen ass disponibel, fir Iech ze hëllefen déi Challengen doheem ze maachen. D'Challengë sinn déi follgend:

1. **Zesumme kachen:** Kache ronderëm verschidden Theemen: Antigaspi, mat lokalen oder saisonale Produkter, oder mat biologesche Produkter.
2. **Haltbarkeetsdatumer:** D'Kanner léieren, datt et en Ënnerscheed gëtt tëschent der Opschrëft *„Verbrauche bis..." oder „à consommer jusqu'au..."* an der Opschrëft *„Mindestens haltbar bis..." oder „à consommer de préférence avant..."*. Duerno siche si an der Kichen zwee Produkter mat dësen Datumer. Déi kleng Kanner kënne verschidde Produkter schmaachen.
3. **Planzen:** D'Kanner kucken no wéi eng Boun keimt, oder loossen eng Fréijoerszwiwwel oder eng Porett eng zweete Kéier wuessen, fir am Antigaspi-Geescht ze bleiwen.
4. **Liewensmëttelverschwendung:** Si erfaassen doheem, wéi vill Iessen ewechgeheit gëtt, well dës Erfaassung ass den éischte Schrëtt, fir manner Iessen ze verbëtzen.

5. De **Frigo** esou araumen, datt d'Liewensmëttel esou laang wéi méiglech halen.
6. Wann e Bam e gielt Bändchen huet, kann ee gratis **Uebst pläcken**. Vill Gemengen hunn e Bongert oder Uebstbeem, wou een dat maache kann.
**7. Antigaspi-Film:** Äert Kand huet elo scho vill iwwer Liewensmëttelverschwendung, lokaalt a biologescht Iesse geléiert. Elo ass et un Iech, zesumme mat Ärer Famill

ee klenge Film vun ongeféier 2 Minutte mat Ärem Handy ze dréien.

**8. Iddiskëscht:** Fir nach méi Aktivitéiten iwwer Liewensmëttelverschwendung, lokaalt a biologescht Iessen ze maachen, froe mir d'Kanner hir Iddien opzeschreiwen an an d'Iddiskëscht an der Maison Relais ze geheien




Hutt Dir nach Froen?